

**NATIONAL - AENDOKTEREN**

# Eng Gard vu 24 Stonnen, siwen Deeg an der Woch ass garantéiert

Vu(m) Lynn Cruchten | Update: 30.07.2022 21:22 | [9 Commentaire\(n\)](#).

**D'Gard vun den Aendokteren hei am Land gëtt op 3 Linnen opgedeelt, vu klengen Tëscheffäll, iwwer schwéier Blessure bis hin zu Netzhautfléisungen.**

Wéinst dem Populatiounswuesstem a well an de leschte Joren eng ganz Rei Aendokteren an d'Pensioun gaange sinn, gouf d'Gard vun den Ophtalmologen am Grand-Duché reorganiséiert. Zënter 2019 gëtt et am Spidol um Kierchbiérg och de *Service national d'ophtalmologie spécialisée*.

Ween also Problemer mat den Aen huet, se wéi huet, akut net mi richteg gesäit oder sech blesséiert huet, sollt net zécken, fir dat méiglechst séier kontrolléieren ze loossen. Dofir brauch een awer net den 112 ze kontaktéieren, mä direkt deen Aendokter, deen ebe Gard huet. Informatiounen dozou fënnt een um [Internetsite vun den Hôpitaux Robert](#) Schuman. All Moien um 07.00 Auer gëtt dee Site à jour gesat.

D'Gard vun den Aendokteren ass haut an 3 Linnen opgedeelt. An enger éischer Linn sollt sech all Patient, deen e Problem mat den Aen huet, u säin eegenen Aendokter wenden. Sollt deen net disponibel sinn oder et huet ee keen, oder et brauch een nuets, um Weekend oder op engem Feierdag Hëllef, kënnst eben den Noutdéngscht vun den Ophtalmologen an d'Spill. D'Patiente ginn dann entweder a Praxissen oder an engem Spidol empfaangen.

An der Moyenne passéieren eng 150 bis 200 Patienten d'Joer an der éischer Linn. 1 bis 2 Prozent dovun ginn an d'Linn 2 oder 3 agestuuft an dofir un d'Spidol um Kierchbiérg verwisen, wou sech am *Service national d'ophtalmologie spécialisée* ëm si gekëmmert gëtt.

An der 2. Linn gi schwéier Verletzunge vum Ae behandelt, déi mussen operéiert ginn oder zum Beispill Patienten, déi mussen hospitaliséiert ginn, well se e Verschluss vun engem Gefääss vum A hunn.

Déi 3. Linn kënnst dann an d'Spill, wann et ëm Netzhautfléisunge geet. Gutt 120 Netzhautfléisungen gi méttlerweil pro Joer zu Lëtzebuerg operéiert. An der Zäit gouf een dofir nach an d'Ausland geschéckt, dat ass net mi néideg.

Et wier wichteg, net ze laang ze waarden, ier ee no engem Problem deen d'Ae betrëfft kucke léisst, soss kéinte scho mol Schied bleiwen. Dernieft ass et den Appell un d'Leit, präventiv a regelméisseg bei den Aendokter ze goen, virun allem vu 40 Joer un. Da kéint ee virsuergen a vill Problemer verhënneren.